ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Konsumenteschutz an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

An Däitschland sinn, no enger Meldung vu „Focus Online", déi sech op d' „Handelsblatt" an „IKT für Elektromobilität" bezitt, all Luedsaile fir Elektroautoe vun der Mark Tesla illegal. Dës Sailen hunn an Däitschland kee Compteur, esou datt d'Clienten net wëssen, wéi vill Stroum si zu wat fir engem Präis verrechent kréien. Well net unzehuelen ass, datt d'Luedstatioune vun deem E-Gefier-Hiersteller an Däitschland anescht si wéi soss op der Welt, wéilt ech dës Froen un d'Madamm Minister fir Konsumenteschutz an un den Här Wirtschaftsminister riichten:

1. Ass den Affichage vum Präis zu Lëtzebuerg virgeschriwwen an erfëllen d'Luedstatioune vun Tesla an all aner Luedstatiounen dës Oplo?
2. Wat ënnerhëlt d'Regierung, fir d'Rechter vum Konsument op eng transparent Präisgestaltung duerchzesetzen, fir de Fall, datt d'Chargeuren net sollte gesetzeskonform sinn?
3. Ass d'Lëtzebuerger Regierung, wéi déi däitsch, der Meenung, datt eng Illegalitéit wärend enger Transitiounsperiod ka bestoe bleiwen a keng Konsequenze muss hunn? Wa jo, wéi justifiéiert si esou eng Positioun?
4. Wat fir eng Homologatioun hunn déi Statioune musse kréien a wie war dofir responsabel? Sinn eventuell Illegalitéite bei där Prozedur scho festgestallt ginn oder si si iwwersi ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten